Komiteesversammelung vum 20.04.2005

Wou: Café Sud

Présent: Michel Klein, Isabelle Crauser, Lynn Lecorsais, Martha Seidel, David Tron, Joël Schintgen

Absent (entschëllegt): Bob Koch

Themen:

1. Presentatioun vun Arcelor
2. Global Village
3. Clubreess
4. ACEL Studentebal
5. Lausanner Bal
6. Balélec
7. Divers

---

1) Presentatioun vun Arcelor

- D'Arcelor kënnt den 19. Mee owes em 8 Auer eng Presentatioun halen. Si spendéieren d'Iessen.
- Mir hun de « Restaurant le Vaudois » reservéiert (do wu de Kleesche war).
- Et geet nach eng Mail un de Club, soubal mer d'Confirmatioun vun der Arcelor hun.

2) Global Village

- Zum Iessen an Drénken:
  - Mir kaafen 12 5l-Fässer Béier (Battin, Bouferdéng, Dikkrecher, Mousel a Simon) an eng Hunnegdrëpp.
  - Fir z'iesse get et Kachkéis (a Moschtert), an
  - Mir kachen d'Bouneschlupp Mëttwochs virdrun.
- Eise Stand:
  - Mir brauchen 2 Dëscher fir d'Musik a 4 fir de Stand.
  - Mir gin an den Touritebüro Prospekter a Plakate froen.
  - Mir bastelen eng Buerg aus Kartrong.
  - D'Musik mecht de Charel.
  - Mir maachen erëm e Quiz.
- D'Leit hanner dem Stand doen all eng blo Jeansbox, den AELLs-T-Shirt an e roude Foulard un.

3) Clubreess

- Mir hun 3 Minibussen vun 9 Plazen an ee vu 7 Plaazen reservéiert. Wee wëllt Chauffer spillen, soll sech mellen: mailto:aell@groupes.epfl.ch
- Leider hun déi vu Montpellier déi Zäit Examen. Si gin awer Samschdes mat eis iessen a

reservéieren de Restaurant.

- Si soen eis och nach wat mer onbedéngt musse kucke goen a wou mer sollen erausgoen. Et soll och jidfereen seng Schwammbox apaken.

4) ACEL Studentebal

- De Studentebal ass den 15. Juli an den Austellungshaalen um Kierchbierg. Mir hun e schwäizer Stand zesumme mat de Fribourger an den Züricher.

5) Lausanner Bal

- Mir kucke fir den Atelier ze kréien. (Den 30.9. oder den 7.10.)

6) Balélec

- Mir gi wéi all Joer viru Balélec bei de Séi grillen. (De Grill ass jo 'rëm opgetaucht).
- Déi Züricher, Fribourger a Grenobler gin invitéiert.

6) Divers

- Mir krute virgeschloen eng Bunkerparty ze maachen. Mir hun awer de Moment kee fräien Datum méi fond.
- Den 3. Juni gi mer Kart fueren.